



En Dönschdeg, de 6. Juni 2023 war ëm 17:00 Auer déi lescht Gemengerotssitzung fir dës Legislaturperiod. De Conseiller Paulo Machado huet nees entschëllegt gefeelt.

1. Approbation de plusieurs actes notariés

U sech war geplangt, iwwer 2 Notairesakten ofzestëmmen. Allerdéngs huet missten de Vote iwwer een Notairesakt ausgesat ginn, well et mam Vertragspartner zu Differenze beim Ausmoosse vun der betraffener Parzell am ZAC Klengbuusbiërg kounn.

Dogéint konnt eestëmmeg den Notairesakt iwwer de Kaf vum Haus op 12 rue de Laiterie ugeholl ginn. D'Transaktioun kascht 728.000 Euro.

2. Approbation de l'avant projet définitif relatif à la construction d'une nouvelle mairie

Fir 12.154.383,21 gëtt en neit Gemengenhaus op der Place de l'Immigration gebaut. An der Rez-de-chaussée kommen nieft engem Geschäftslokal virun allem déi Gemengeservicer ënner, déi reegelméisseg Publikumsverkéier hunn, um 1. Stock dogéint déi Servicer mat manner Publikumsverkéier. Och kritt de Buergermeeschter hei en eegene Bureau. Den ieweschte Stock ass fir den Hochzäitssall, fir d'Gemengerotssitzungen ewéi fir d'Fraktiounen reservéiert. Op den Daach kommen - no Interventioun vun der Bautekommissioun - Photovoltaikpanneaux. Mat der neier Gemeng sinn all d'Raim mam Rollstull accessibel, am Contraire zur haiteger Gemeng.

Op Nofro vun der CSV-Fraktioun huet de Schäfferot ënnerstrach, datt d'Käschte fir d'Ofrappe vun den Haiser 3 a 5 an der Grand-Rue am Devis dra sinn. Den Devis gesäit dogéint nach näischt fir den Aménagement vun den Alentouren vir, well fir den Aménagement vun der Place de l'Immigration e separate Budgetartikel ugeduecht ass. D'CSV-Fraktioun huet drop opmierksam gemeet, datt bei dëser Pläng och un d'Uliwwerung vun der Gemeng geduecht muss ginn.

3. Refonte du Plan d'aménagement général

4. Plan d'aménagements particuliers "quartiers existants"

Virun 2 Joer hat de Gemengerot géint d'Stëmmen vun der CSV de Projet vum neie PAG (Plan d'aménagement général) an d'Prozedur ginn. Géint dësse Projet koumen 49 Reklamatiounen eran, an all d'Reklamante goufen vum Schäfferot ugehéiert.

Et huet relativ laang gedauert, bis déi staatlech Instanzen hir Avice geholl hunn. Esou ass de leschten, obligatoreschen Avis op den 13. Januar 2023 datéiert. Doropshinn huet nach missten eng nei "Strategische Umweltprüfung" (SUP) fir bestëmmte Parzellen (z.B. um Maart) virgeholl ginn.

Opgrond vun de staatlechen Avisen ewéi och opgrond vun de Reklamatiounen gouf de PAG op ville Punkten iwwerschafft. Esou gëtt et keng Perimetererweiderung um Jixenhaff. Verschidde Reklamante wollten Erweiderungen vum Perimeter um Wobierg (Rue de la Chapelle) an hannert dem Uewen (Rue du Nord). Dës Reklamatiounen goufen net Rechnung gedroen.

Verschidde Plan d'aménagement particuliers Nouveaux Quartiers (PAP NQ) ewéi z.B. de Wangert, an der Rue des champs oder an der Rue J.-P. Ecker wäerten daitlech méi kleng ausfallen, d.h. et gëtt manner dicht bebaut.

Nodeems d'Gemeng an der Tëschenzäit weess, wéivill Plaz si fir en eventuelle Schoulausbau um Plateau "Klinge Mies" braucht, ass et net méi néideg, fir de ganze Plateau fir d'"Bâtiments et équipement publics" (BEP) ze reservéieren. Dofir gëtt de südlechen Deel vum Plateau an eng Zone "Habitat-1" ëmklasséiert, woumanner hei eventuell eng Cité realiséiert ka ginn.

Am Brill gëtt eng "Zone de servitude d'urbanisation" ronderëm de Waasserlaf vun der Huelbaach virgesinn, esou datt hei am Prinzip bei enger eventuell künftiger Bebauung 5 Meter op all Säit vum Waasserlaf fräi bleiwe muss.

Ënner dem Stréch gouf et opgrond vun de staatlechen Avisen vill positiv Ännerungen um PAG. Dofir huet d'CSV-Fraktioun de Projet vum neie PAG matgedroen.